

Merci, léif Lieser !

1993 hunn ech, eng Woch a Pensoun, mat der KLACK ugefaang. Et waren der esouguer en etlech am Comité vun eiser AL net ganz frou doriwwer, well si gemengt hunn, 3 'Extranum-meren «EIS SPROOCH» pro Joer giffen als Heftchen dach duergoen ... zevill dacks fir déi eng bei déi aner an de Bicherschaf ze stelle. ☺



Déi Sproochheftercher sinn och nëmmen un eis ronn 1000 Membere geschéckt ginn...dobäi ass eis Sprooch eng Saach vun alle Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen! Et guff dann och nach gesot, no enger hallwer Dose KLACK-Nummere giff der Saach den Damp ausgoen; dat ass jo elo – no 32 Joer an Dausenden Aarbechtsstonnen – wierklech net de Fall.

Wat mir als Action-Lëtzebuergesch an de leschte 50 (!) Joren am Sënn vun eiser Sprooch erreecht hunn, dat giff eng Strëpp vun e sëllege Säiten, an do ass eis KLACK erwisenermoosse jo mat dru schëlleg. Datt de Leo Zeches, den Alvin Sold an de Rob Roemen äis an der Zäit ënnert d'Äerm gegraff hunn, därer een haut hei net vergiessen; eng besser Ausstrahlung wéi iwwert hir Presseorgane war jo net dran. Vun allem d'Wiel vun eiser Sprooch fir an eis Constitutioun an d'Gesetz ass zum gréissten Deel der AL an hirer KLACK (mat 54 Artikelen doriwwer) ze verdanken!

Vun deser Nummer 316 u ginn ech meng 'Solo-Missioun' dann of; d'Comitésmembere – ech och – schreiwen d'KLACK dann ënnert der Direktioun vun eisem President Claude Bache weider. Meng Wéinegkeet och.

Haut sinn ech och perséinlech deene Leit e Merci schëlleg, déi d'KLACK vrun 32 Joer an eiser Haaptress méiglech gemaach hunn: de Léon Zeches, den Alvin Sold an de Rob Roemen (+); dat huet garantéiert, datt d'Schreiwerei fir eis Sprooch 'ënnert d'Leit' an net nëmmen ënnert eis Membere komm ass.

Natierlech ass mäin 'Toun' net ëmmer a 'Sëlwerpabeier' gewéckelt gewiescht; ower als Schoulmann hunn ech gemengt ze wëssen, wéi ee mat senger 'Kanner' soll ëmgoen. Näscht fir ongutt!

D'Lëtzebuergesch huet haut seng fest Plaz op der UNI.lu (Linguistik), dem 'ZENTER fir d'Lëtzebuergesch' (Dictionnaire + Praxis bei de Leit); bei der Action-Lëtzebuergesch (fir alles, wat 'sproochpopulär' ass ... ëm eis Uertschafts- a Stroosseschëlter oder Zeitungsannoncen huet bis haut z. B. nach keen anere sech bekëmmert).

Wann dir bedenkt, wat sech an de leschten Dosende Jore fir eis Sprooch gemaach huet ... da giffe mir net färdig mat opzezielen (beim Staat, dem Schoulwiesen, de Gemengen, de Privatleit, Annoncen a Reklammen); bei deem Iwwerlees kënn een nun emol net laanscht eis KLACK ... a stellt iech z. B. nëmme vir, et giff een déi 315 Säiten der Längt no hannereneen/unenee leeën ... e puer honnert Meter!

Dowéinst, grad wéi fir all KLACK-Lieser an duersch hir Bekantschaften (dofir oder net) ass äre Schriewer apaart frou ... vläicht esouguer e bëssen houfreg.

Lex Roth

Am Uewe potert d'Feier...



Ent vun deene schéinsten Nikoslidder, déi mir hunn – wann net souguer dat schéinst! – staamt aus der Fieder vum Chrétien Clement. Dir fannt et am Lidderbuch „Eiser Lidder“, dat d'Action Lëtzebuergesch herausginn huet an dat elo schonns an der 6. Editioun virliit: **Am Uewe potert d'Feier**.

Et ass fir mech en immens schéint Lidd, an dat esouwuel vum Text wéi vun der Melodie. Et si wonnerbar Biller dran: d'Feier, dat am Uewe potert, de Wand, deen ëm d'Haus jot, de Fléiwel, deen d'Frucht an d'Huewer ausklappt. An dann déi literaresch Schläbäizchen: *D'Schnéiflacke wiewen eng Decken dem Horizont op d'Mooss* – e Goethe oder e Shakespeare hätten et net méi schéin ausdréck kënnen.

Wat mech awer bei deem Lidd ëmmer e bëssen intrigéiert huet, dat ass, datt et um Enn vun där éischter Stroph heescht: *An allen Uewenecke geet Rieds vum Zinnklos*. An da fiert déi zweet Stroph virun: *Dee schneit am Bësch no Rudden*. Pardon? De Kleeschen, dee Rudde schneide geet? An um Enn vun der Stroph heescht et: *Wou d'Tell'ren eidel bleiwen, leet hien der-*

nief eng Rutt. Dat ass dach dem Houseker seng Missioun, an net deem Kleesche seng. Wéi ass dat ze verstoen? Huet de Chrétien Clement do d'Rolle vun deenen zwéi Personagen, dem Kleeschen an dem Houseker, einfach ausgetoscht?

Menger Meenung no – mä ech hunn awer kee Bewäis dofir – **feelt einfach eng Stroph** tëscht deenen zwou, déi haut gesonge ginn, an déi mat der Zäit verluergegang ass: eng Stroph, an där dem Kleesche säi Wierke beschriwwen gëtt, a wou dann um Enn den Houseker ernimmt gëtt, deen dem Kleeschen zu Hand geet. An da géif et logescherweis an der drëtter Stroph (déi haiteg zweet Stroph) virgoen: *Dee (= Houseker) schneit am Bësch no Rudden*. An dee wier et dann och, deen nief d'Telleren, déi eidel bliwwen sinn, eng Rutt leet.

Vläicht weess ee vun de Lieser vun eiser „Klack“ do Bescheed a kann äis virunhëllefen. Mir wieren op jidderfall ganz frou doriwwer – an nach méi frou wiere mir, wann dëst schéint Nikoslidd net an de Vergiess kéim.

Claude Bache

'Eist Franséisch'

Wéi 1945 d'Joergäng vu virum Krich emol rëm ugefaang hunn, an der Primärschoul Franséisch ze léieren, dunn ass dat mat 'Wuppes' dohannert sou gutt gaang, datt mir – mäi Joergank ass 1933 – déi Eeler op 5^e well zesoen erëmkritt hunn.

Mir sinn 1939 natierlech iwwert d'Däitsch 'alphabetiséiert' ginn an hate 6 Joer näscht anescht wéi Däitsch gesinn. Et kënn een och soen, mir hätten op 'Germanesch' liesen a schreiwe geléiert, woubäi da 'germanesch' net mat 'german' ze verwieselen ass; iwwereng ass dat Englescht zimmlech séier an eis Käpp gaang, wat och mat deer germanescher 'Schreifléier' ze dinn hat ... a mam Franséischen nom 2. Schouljoer hu mir äis hei an op der Uni ganz passabel duergeschloen ... oder net?

Wann et dann elo heescht, eis Kanner (wéinstens deelweis) op Franséisch liesen a schreiwen ze léieren, dann därer een sech frouen, firwat dee Fierzelen an

en etleche Käpp dorëmmer dämpft. Dat kann nëmme vu Leit kommen, déi ni vrun engem 1. oder 2. Schouljoer an der Praxis gestan hunn. Ass et éieren, well mir de frankophone Kanner et méi liicht wëlle maachen? Mä wéi ass et da mat deenen Dausenden aus anere Sproochen?

Et gëtt kee Land, dat sech deenen an deser Saach upasst, déi vun éieren anescht kommen ... et léiert een d'Haapt-sprooch(en) liesen a schreiwen, déi do um Programm stinn ... a basta!!!

Gewëss: d'Emstänn sinn net méi déi vu 'soss'; mam Prinzip si mir hei ower zënter op d'mannst 6 Generatiounen gutt gefuer, z. B. mat 'eisen' Italiéiner a Portugisen ... a fannen deer 'Schüler' a jiddwer Administratioun op beschte Plazen!

Ass wierklech alles esou minabel, wat 'al' schéngt, an ass dat 'Neit' wierklech esou 'super'?

E Saz, deen iwwerall zielt: Bleift dach verstänneg!

D'AL op de 30. Joer WALFER BICHER DEEG

Och dëst Joer hat d'AL erëm e Stand op de Walfer Bicherdeeg. Déi zwéin Deeg, de 15. an de 16. November, sinn e sëllege Leit bei äis laanscht komm. Déi eng oder déi aner vun eise Publikatiounen goufe matgeholl, souguer e puer nei Membere hu sech gemellt. Vrun allem awer hate mir eng ganz Rei interessant Gespréicher iwwer d'Sprooch an iwwer dat, wat d'Action Lëtzebuergesch am Laf vum Joer mécht a woufir si elo schonn zënter 54 Joer antrëtt.

Am Kader vun de Bicherdeeg hate mir och dës Käier nees e kleng Concours mat schéine Geldpräisser organiséiert, bei deem et drëms gong, e puer typesch lëtzebuergesch Sätz an d'Franséisch an an d'Däitsch z'iwwersetzen. Dat war guer net esou einfach an et huet muncherengem Schweesspären op d'Stier gezaubert. Mir soen awer all deene Merci, déi matgemaach hunn. Hei elo d'Lëscht vun de Gewënner:

1. Präis (500,- €): Diane Hourscht an Damien Schmit (ex aequo 19/20 Punkten);
3. Präis (300,- €): Henri Schneider (18/20 Punkten);
4. Präis (200,- €): Arlette Weis-Schon (16/20 Punkten);
5. Präis (100,- €): Aline Meyers (15/20 Punkten).

Deem jonke Luca Masotti, deen esou just net ënner déi fënnf Bescht koum, hu mir e klengen Encouragements-Präis vu 50,- € ginn: Wa schonns Jonker sech fir eis Sprooch interesséieren, da muss een dat ënnerstëtzen.

Alle Gewënner, eis häerzlech Felicitatiounen!

